ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. November 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an den Här Infrastrukturminister weiderzeleeden.

Aktuell trëtt d'"administration des bâtiments public" als Bauhär fir d'Jean Monnet 2 Gebai um Kierchbierg op. Am Kader vun dësem Projet ass um Zitt vum Fonds de Kirchberg ënner anerem dat hei ze liesen: "*Un des objectifs principaux du projet Jean Monnet 2 est de concevoir un bâtiment ayant un impact énergétique très faible, du fait de la mise en place de techniques de production peu énergivores. Ainsi, grâce au système de chauffage urbain et à la performance des équipements techniques, la consommation énergétique correspondra à la classe de performance énergétique 'A' et vise le niveau « excellent » propre à la certification environnementale BREEAM*".

Sou wéi et eis zougedroe gouf, ginn an dësem Gebai awer aktuell Elektrogeneratoren installéiert, déi am Widdersproch zu dem Tableau 2, Partie 2 vum "*Règlement grand-ducal du 24 avril 2018 relatif à la limitation des émissions de certains polluants dans l'atmosphère en provenance des installations de combustion moyennes et modifiant*
*1. le règlement grand-ducal modifié du 27 février 2010 concernant les installations à gaz*
*2. le règlement grand-ducal modifié du 7 octobre 2014 relatif a) aux installations de combustion alimentées en combustible solide ou liquide d'une puissance nominale utile supérieure à 7 kW et inférieure à 20 MW b) aux installations de combustion alimentées en combustible gazeux d'une puissance nominale utile supérieure à 3 MW et inférieure à 20 MW*", steet, well se de Maximalwäert vun Nox Ausstouss 750mg/Nm3 iwwerschreiden. Sou wéi et eis zougedroe gouf, besteet fir dëse Projet awer eng separat Derogatioun, déi bis 2025 gülteg ass.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung dës Virgäng bestätegen? Wa jo, wéi reagéiert si dorop?
2) Wéi ee Ministère huet déi uewe genannt Derogatioun ausgestallt? A wéi engem legislativen Text ass dës nozeliesen?
3) Wéi begrënnt d'Regierung den Ëmstand, datt déi entspriechend Maschinnen déi op Basis vun dëser temporärer Derogatioun installéiert ginn, op 75% Nominallaascht gedrosselt musse gi fir den 750 NOX Ausstouss gerecht ze ginn, obwuel 100 % Laascht an der Ausschreiwung virgesi war an zwar 2 x 2550 kVa?
4) Wéi eng zousätzlech Sécherheetsrisike si mat der an der Fro virdru genannter Drosselung vun der Leeschtung, bei Noutfall, Stroumausfall oder dem Fall vun enger Brandkatastroph verbonnen? No wéi enge Modalitéite sinn dës Anlage verséchert?

5) Louche bei der Ausschreiwung och Offere vir, fir Anlagen ze installéieren, déi onmëttelbar konform wieren an deementspriechend vun 2025 un net méi missten nogerëscht ginn? Wa jo, firwat goufen dës net zeréckbehalen?
6) Wéi eng Gesamtkäschten si fir dës energeetesch Ausstattung vum Jean Monnet 2 Gebai, also souwuel d'Installatioun, wéi och fir d'Norëschte vun 2025 u virgesinn? Ënnert wéi engem Budgetsartikel fléissen déi Suen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten